Piratepartei
1a, rue de Luxembourg
L-8184 Kopstal

Lëtzebuerg, de 4te Mäerz 2020

# Pressecommuniqué

**D'Piraten distanzéieren sech vun Haasskommentaren op de soziale Netzwierker a wieren sech géint de Virworf vun der Verbreedung vun Falschinformatiounen am Kontext vun der Diskussioun ëm Muffelproblematik.**

D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg huet annoncéiert am Kontext vun den Kommentarer ënnert engem Piraten-Facebook-Post zum Thema vun der Juegd op d'Muffelen zu Iechternach d'Autoritéite wëllen anzeschalten.

Mir Pirate wëllen heimat e puer Punkte kloerstellen :

- Mir distanzéieren eis vun de Kommentaren ënnert de Facebook-Posts, déi zu Haass géint d'Ministesch opgeruff hunn.

- D'Piratepartei préift a reegelméissegen Ofstänn d'Kommentare vun de Benotzer op der Facebooksäit vun de Piraten. D'Piratepartei filtert a läscht déi Kommentaren, déi zu Haass opruffen.

- Mir distanzéieren eis vum Virworf, datt d'Diskussioun ëm d'Muffelen op Grond vun Falschinformatioune gefouert gëtt a verweisen op d'parlamentaresch Froen an Äntwerten an dësem Kontext.

***